



Sektioun
**Gemeng
Monnerech**

Monnerech, den 28. Februar 2024

Un de Schäfferot vun der
Monnerecher Gemeng

Betrëfft: Interventioun mat Motioun fir de Gemengerot vum 05. Mäerz 2024

Här Buergermeeschter,
Madamm an Här Schäfteen,

Am Kader vum Gemengegesetz a vum interne Reglement fir d'Organisatioun vum Gemengerot, biede mir Iech des Interventioun mat Motioun, iwwert déi vum Gemengerot soll ofgestëmmt ginn, op d'Dagesuerdnung vun der Gemengerotssëtzung vum 05. Mäerz 2024 ze setzen.

Biergerbedeelegung zum Thema Verkéier a Mobilitéit

Virun de Walen ass de Verkéier an d'Ëmsetzung vu verkéiersberouegende Moosnamen bei all de Parteien als absolut Prioritéit ze fanne gewiescht.

Am Joer 2018 ass eng Etude iwwert Verkéiersbelaaschtung an der Monnerecher Gemeng gemaach ginn. An der opwendeger Etude sinn eng Rei Virschléi déi d' Mobilitéit douce fërderen, de motoriséierten Trafic berouegen an d' Liewensqualität verbesseren sollen definéiert ginn.

An den Dierfer vun eiser Gemeng ass hei virgesinn eng Rei vu Stroossen op 30 km/h ze limitéieren. An verschidde Phasen soll den Duerfkär vu Monnerech verkéiersberouegend gestallt an Vitess op 30 km/h reduzéiert ginn. Am Projet vum Tram ass eng nei Fouss- a Vëloverbinding vu Monnerech Richtung Féiz virgesinn fir Monnerech un déi zukünfteg Haltestell an den Vëloexpresswee ze verbannen.

Zu Biergem Steebrécken gëtt et e Projet fir N13 ze erneieren, de Verkéier ze berouegen an de Vëloswee ze verbesseren. Bei Vitessmiessungen si verschidde Punkten opgefall wéi z.B. Rue Basse zu Biergem wou Vitesslimitatiounen extrem iwwerschratt ginn.

Fir eis ass de Verkéier, Sécherheet, Mobilitéit douce an verkéiersberouegend Moosnamen mat der Verbesserung vun der Liewensqualität an eiser Gemeng en extrem wichtegt Thema. No 6 Joer ofgeschlossener Etuden, Vitessmiessungen, enger zukünfteger Tram-Haltestell zu Féiz mat enger geplangterer Verbindung fir Mobilitéit douce op Monnerech wier et wichteg an dem Dossier weider ze kommen.

Mir géifen et begréissen wann souwuel zu Monnerech/Féiz wéi och zu Biergem/Steebrécken eng Biergerbedeelegung zum Thema Verkéier a Mobilitéit géing organiséiert ginn. Et wier wichteg all eis Awunner zu Wuert kommen ze loossen fir hinnen Méiglechkeet ze ginn hier Meenung an Uleies an dem wichtige Thema kennen anzebréngen. Mat den Iddien an der Zesummenaarbecht vun de Bierger kéinten Prioritéite, zum Thema Verkéier a Mobilitéit, definéiert ginn fir zesammen d'Liewensqualitéit nohalteg an eisen Dierfer ze verbesseren.

Motioun

De Schäfferot gëtt vum Gemengerot opgefuerdert:

- *Bierger-Bedeelegungen zum Thema Verkéier a Mobilitéit an der Gemeng Monnerech ze veranstalten fir Bierger an d' Entwécklung an Ëmsetzung vun engem Mobilitéits-Konzept anzubannen.*

Mat beschte Gréiss.

Conseilleren vun der Sozialistescher Partei.

Danielle BASTIAN ép. JUCHEM

Anne BECKER

John VAN RIJSWIJCK